

## Mass vun der KMA zu lechternach

(Samschdeg, 7. November 2015)

**D**ag vum Willibrord, 2. Patréiner vum Land, Patréiner vun der KMA, Missionar fir Lëtzebuerg

Annunciate JCLH, Evangelium Gaudium/ Laudato si/ Joer vun der Barmherzegt... Franziskus


### Léif Leit

Eis westlech Welt, sou wéi mer se kennen an hirer Modernitéit, déi se ëmmer sou praleresch no vir leet, hätt nawell gär, datt d'Relioune solle ganz staark ofrústen. Wat gëtt hinnen nach zougistan? Op alle Fall keen Absolutheets-Anspruch, kee prägend Mënschbild, kee gesellschaftlechen, theologesche Gesellschaftsvertrag, mä eng demüteg Konstellatioun op eng privat Frëmmegkeet oder och nach gesellschaftlech Nützlichkeet. Sie sollen sech nëmmen net ëm Wäerter an Norme këmmere, awer aktiv sinn am Samariterdengscht., an der Caritas also, an dat mat der gréisstméiglecher Toleranz.

Als éischt stéisst esou eng liberal Empfehlung, déi d'Relioun einfach net eescht huele wëllt, op der ganzer Welt, besonnesch awer an Afrika, an Asien, op Onverständnis: d'Relativéierung vun der Relioun gëllt als dee stäerkste Versuch vum Weste fir och d'Welt kulturell a reliéis ze beherrschen.

Tatsächlech gëtt et kaum eng Relioun, déi net ëffentlech wëllt sinn.

Et gëtt keng Relioun, déi net och politesch aktiv ass, déi sech net sozial engagéiert, an dat gëllt säit de Griechen bis haut.



Saint Willibrord

Den Hellege Willibrord op engem Bild an der ënnerirdescher Basilika St. Pie X zu Lourdes

Dës Ofprüfung also vun eis Chrëschten ze verlaangen, dat kënn eraus op eng theologesch Schizophrenie, also eng Spaltung vun onser Perséinlechkeet an e Verloscht vu Kontakt mat der Realitéit. Desto méi staark si mir haut gefuerdert, well déi Tendenz, déi ech elo beschriwwen hunn, jo och zu Lëtzebuerg de Fall ass, an dat op eng

ganz intollerant an ondemokratesch Manéier (d'Afféierung vun engem eenzegen Moralcourse, unni den Elteren de Choix ze loossen, d'Interventiounen vun der AHA, Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker, déi als kleng Grupp méi ze soen hunn, wéi 20.000 Ënnerschreften vun Elteren).

D'Chrëschtentum huet leider och seng eege Geschicht mat der Gewalt, an där muss mir eis stellen. Näischt huet dem Chrëschtentum sou weltwäit geschuet wéi grad esou reliéis Bretzereien, wéi mer se kann hunn am Mëttelalter, bei der Eroberung an der drëtter Welt, a méi rezent beim Georg Walker Bush 2003 beim Irak-Krich, wéi hien an deem Kontext zu engem moderne Kräizzuch vun der Fräiheet géint dat Béist operéiert huet.

Haut laascht op ville Länner enorme Verfolgungsdruck op de Chrëschten, vun Nordkorea bis China, vun Indien bis an déi muslimesch Staaten, an d'Sahelzone. Datt hei och Gewalt vu Chrëschten ausgeet oder gerechtfertigt gëtt, ass eng traureg Wourecht, awer mir kënnen et net oprechnen.

**Eist Chrëschtentum, léif Männer a Fraen, ass eng Relioun vum Glawen.** Si gëtt net duerch e Stamm, eng Natioun, e Beruff, eng Sprooch, eng

*Fortsetzung op der Säit 12*



*Bonne année*

*d'Kathoulesch Männeraktioun wënscht alle Memberen, Lieser an hire Familjen e glécklecht Neit Joer 2016 an eng gudd Gesondheet*

Jongbaueren- a Jongwënzerdag 2015

## Den Elan an den Asazwëlle behalen

Usprooch vum Här Generalvikar Leo Wagener

Här President, Här Minister, Dir Dammen an Hären Députéiert, léif Eiergäscht, sehr geehrter Herr Dr. Binswanger, léif Membere vun de Jongbaueren a Jongwënzer,

Gëschter Owend war ech an enger Séance académique vun enger Chorale, déi hiren 100. Grënnungsjubiläum gefeiert huet an do huet den Här Paschtouer bei senger Ried aus enger Chronik vum Veräin zitéiert, wou folgendes ze liese war: „Die Versammlung stand unter einem guten Omen. Es war Wein vorrätig.“

Wann ech elo erof an dat Hënnescht vum Sall kucken, da mengen ech soen ze dierfen: „Och dës Versammlung steet ënnert engem gudden Omen, well et ass Wäi parat; esou passt et sech jo och fir d’Jongbaueren a Jongwënzer.“

E ganz gudder Verlaf vun dësem Owend wënscht lech och den Här Äerbëschof, dee leider haut verhënnert ass an deen ech dofir op dëser Plaz vertrieeden.

Nach haut de Mëtteg huet hie mech an engem Telefongespréich gebieden, fir lech ganz häerzlech vun him ze grëssen. „Ech hu se ganz gäer!“ – esou O-Toun Bëschof. – Et ass wierklech keng Floskell! Dir déi Jonk wësst et, de Romain weess et, datt Dir wierklech en décke Steen am Brief vun eisem Äerbëschof hut an all seng Sympathie.

Ech fanne perséinlech, datt hien domat ganz richtig läit an ech felicitéieren dem Präsidium, dem Aumônier, dem Permanent, de Leit am Sekretariat an an der ONG, de Responsabel a Membere vun de regionale Gruppe ganz häerzlech fir hiren Engagement bei der Landjugend an de Jongbaueren a Jongwënzer.

Et ass een Engagement am Déngscht vun de jonke Leit um Land am Allgemengen, am Déngscht vun de jonke Betrëbsleeder am Besonneschen an am Déngscht vun der männerbemëttelter Landbevëlkerung a West- an Zentralafrika.

Wann ech bewusst wollt e bëssen humorvoll ufänken, esou ass de Sujet, deen de Referent vun dësem Owend gewielt huet, e ganz bedenkenswäerten, op dee mir mat grousser Spannung waarden: „Globalisierung und Landwirtschaft – Mehr Wohlstand durch weniger Freihandel! Normalerweis ass de Refrain, dee mir an dem Kader vun der Globalisierungsdebat hëiere jo just de Konträr: Mir kréie versprach: „Méi Wuelstand duerch méi Fräihandel!“

Mir wëssen awer och, datt déi grouss Gewënner vun der Globalisierung am Agrarsecteur eben net d’Produzente sinn, mee d’Agrarkonzerner. Verléierer sinn dacks genuch déi kleng Baueren an den Entwécklungslänner.

Ech hu mech bei dëser Problematik un dem Jean Feyder säi Buch „Mordshunger – Wer profitiert vom Elend der armen Länder?“ erënnert.

Doranner seet de fréieren Direkter vun eiser Kooperatioun (Seite 19): „Nur dank einer Politik, die zu profitablen und stabilen Preisen führt, kann die Masse der Bauern der Verarmung entkommen. Starke Preisschwankungen hemmen jede Investitionstätigkeit. Diese Schwankungen einzuschränken setzt einen Bruch mit der neoliberalen Wirtschaftspolitik und eine Entkoppelung der Weltmärkte voraus. Neue Regeln für die Agrarmärkte müssen fragile und schwache Wettbewerber in der Landwirtschaft vor Dumping und Preisverfall absichern – insbesondere durch Schutz dieser Märkte und ein öffentliches Vermarktungssystem.“

Ech si gespaant ze héieren, wéi den Här Binswanger sech zu dësen Zesammenhäng stellt.

Net gespaant brauch ech ze sinn, wéi dës Jugendverband sech der Problematik vun der veraarmter Landbevëlkerung an Afrika unhëlt. Ech si mir nämlech sécher, datt d’Jongbaueren an d’Landjugend an der Traditioun vun hire Virgänger sech aktuell an zukünfteg mat grousser Determinatioun fir hir Kooperatiounsprojeten asetzen.



De grousser Succès vum Dag vun der Kooperatioun zu Cliärref dëst Joer huet dat op en Neits ënner Beweis gestallt.

Ech wëll zum Schluss en Appell un d’Vertrieeder vun der Politik a vun de Verwaltunge maachen, déi mat dëse jonke Leit ze dinn hunn. Fuert w.e.gl. virun si tatkräfteg, finanziell a moralesch ze ënnerstëtzen.

Si si formidabel Beispiller vun enger Jugend, déi hir eegen Uleies an déi vu Mënschen am Misär selbstverantwortlech opgräift, déi eng serieus Reflexioun ustellt, déi hir knapp bemoosse Fräizäit an den Déngscht vum Land- an Agrarsecteur stellt an déi grousshärzeg Aktiounen am Sënn vun der Hilfe zur Selbsthilfe realiséiert.

Léif Frënn, Dir sidd wichtig! Dir sidd e jonk Gesiicht vun der Gesellschaft a vun der Kierch an ech wënschen lech, datt Dir och weiderhin Ären Elan an Ären Asazwëlle behaalt. Hie wäert seng Friichte bréngen: heiheem an an Afrika.

Merci fir Är Opmierksamkeet.



De Präsidium vun de LJB & JW zesumme mam Generalvikar Leo Wagener, dem Dr. Mathias Binswanger, Referent vum Owend, an dem Minister Fernand Etgen

Jongbaueren- a Jongwënzerdag 2015

# Laangfristeg eng nohalteg Landwirtschaft garantéieren

Usprooch vum Jeff Boonen, LJB & JW-President



D'Membere vum Präsidium vun de Lëtzebuurger Jongbaueren a Jongwënzer: (v.l.n.r.): Jeff Boonen, President, Fränz Schlechter, Vizepräsident, Charel Etringer, Marc Roeder, Jos Fischbach, Franky Peller

Léif Éieregäscht,  
Dir Dammen an dir Hären,

D'Landwirtschaft ass déi lescht Méint duerch eng weider Kris gaangen: d'Präisser op de Mäert hunn et net erlaabt, d'Käschte vun de Betriber ze decken, an dobäi ass dunn och nach d'Joer eng Dréchent komm. Wann een déi lescht 10 Joer kuckt, ass et net fir d'éischt, wou déi finanziell Lag an de Betriber ugespaant ass. Dofir ass et héich Zäit, datt mir äis Gedanke maachen, fir eis europäesch – awer virun allem – eis lëtzebuergesch Landwirtschaft laangfristeg op méi sécher Féiss ze stellen.

Mir hunn déi lescht Jorzéngten an Europa decidéiert, fir eis Mäert net méi ze protegéieren an esou eis Landwirtschaft op de Weltmarchéen ze exposéieren. Mir hunn äis dovun wuesstem erwaart an domat eng besser finanziell Situatioun fir eis Betriber. D'ëst war néideg well ee weltwäit gesinn huet, datt d'Länner duerch d'Globaliséierung ëmmer méi no beienee réckelen. De Phänomen vun der Globaliséierung ass sécher net opzehalen: Nei Technologië verbannen äis alleguerten esou efficace, datt mir zu all Moment wëssen, wat op där anerer Säit op der Welt geschitt. Dësweidere stellt den Transport vu Leit a vu Wuere jo guer kee Käschtepunkt méi duer!

An awer musse mir äis haut d'Fro stelle kënnen, op déi fräi Maartwirtschaft a Globaliséierung äis et wierklech erlaabt, fir laangfristeg eng nohalteg Landwirtschaft

ze garantéieren. An op mir z.B. d'Fräihandelsafkommens brauchen, fir eis wirtschaftlech Situatioun ze verbessern. Et ass aus deem Gedanken eraus, datt mir e Riedner fir d'ësen Owend gesicht hunn, deen äis seng Iwwerleeungen zum Thema „Fräihandelsafkommens an der Landwirtschaft“ matdeele kann. Ech sinn dofir immens frou, de Schwäizer Professor Dr. Mathias Binswanger hei ze begréissen. De Marc wäert hien duerno am Detail virstellen.

## Net alles dem fräie Maart iwwerloossen

Ech fir mäin Deel sinn der Meenung, datt mir méi Regele brauchen an - datt mir net alles dem fräie Maart iwwerloossen dierfen. Et muss an Zukunft dofir gesuergt ginn, datt wa matenee gehandelt gëtt, d'ëst op engem fairen Niveau geschitt, d.h. datt d'Konditiounen fir déi zwee Partner déiselwecht sinn, an datt den Handel bei kengem Partner zu enger Verschlechterung vun der sozialer an ökologescher Situatioun féiert. Ech denken, datt dat awer an der Landwirtschaft am Moment net méiglech ass. Ze vill ënnerschiddlech sinn déi geographesch a sozial Konditiounen an de verschiddene Länner. Dofir sinn ech der Meenung, datt d'Iwwerleeungen, déi zanter Joren an der WTO gefouert ginn, fir d'Protektiounen op de Grenzen opzehiewen, falsch sinn.

All Land muss déi landwirtschaftlech Produkter kënnen schützen, déi et gäre

selwer - a virun allem - no senger Regele produzéiert. Et huet kee Wäert, datt mir eis Ëmwelt a virun allem äis selwer - jonk an eeler Baueren, respektiv d'Aarbechter an eise Betriber - dropmaachen, fir landwirtschaftlech Rohstoffe fir eng global Welt ze produzéieren. Jo ech soe bewosst „Rohstoffe“, well mir sinn am Moment keng Liewensmittelproduzente méi! Eis Produkter sinn zum groussen Deel ganz liicht austauschbar an dee Bëllegsten um Marché kritt den Zouschlag. Domat si mir an enger Situatioun, wou mir ëmmer méi bëlleg musse ginn. Mir musse kompetitiv ginn. Kompetitiv Landwirtschaft gëtt et awer bal keng, well an alle grouse Länner op der Welt ass d'Landwirtschaft héich subventionéiert. Dat heescht schlussendlech: déi Länner, déi hire Baueren déi beschte Konditiounen bidden, z.B. finanziell Ënnerstëtzen, administrativ Vereinfachungen, niddreg Ëmweltproblemen oder awer kee Mindestloun fir Aarbechter hunn, wäerten zu de respektive Maartpräisser produzéieren.

## Wéi eng Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg?

Fir aus där Spiral erauszekommen, musse mir erëm zum Liewensmittelproduzent ginn. Eis Verarbeitungsindustrie ass gefuerdert, fir héichwäerteg Produkter ze entwéckelen. Doniewent musse mir op Regionalitéit setzen: Mir musse lokal Konsumenten iwwerzeegen a gewannen, déi net nëmmen d'lessprodukter gesinn, mee deenen et et wäert ass, méi ze bezuelen, fir eng nohalteg Landwirtschaft an hirer Géigend ze hunn.

Ech wëll och op e weidere Punkt agoen: Wéi eng Landwirtschaft wëlle mir hei zu Lëtzebuerg? Ech denken, datt mir äis alleguerten - egal op Gewerkschaft, Ëmweltmouvementer oder Parteien - am Fong eens sinn. Mir wëllen eng Landwirtschaft, déi äis gesond ernährt, d'Ëmwelt net belaascht a vun där de Bauer liewen a säi Brout verdénge kann! An doriwier solle mir äis éierlech a sachlech ënnerhalen. Wéi brénge mir et fäerdeg - an där subventionéierter net kompetitiver Landwirtschaft, wéi ech dat elo just erkläert hunn - e Modell opzestellen, vun deem déi ganz Gesellschaft profitéiert. An d'ëst ass net nëmmen eng reng Ëmwelt- a Landwirtschaftsfrö. Jiddereen hei am Land ass gefuerdert. Ech hat et schon am Fréijoer am RTL-Background gesot: Et kann net sinn, datt hei zu Lëtzebuerg de Wirtschaftsminister mat Tamtam ukënnegt, datt déi weltwäit gréisste Sojamittelhandelsfirma elo hiren Hauptsätz zu Lëtzebuerg huet an déck Geld an eis Staatskeesen erabrénge, an op där anerer Säit probéiere mir mat Ach und Krach, déi lokal Eewäissproduktioun ze steigern, respektiv mir kréie Virwërf gemaach, mir wieren ze intensiv wéinst dem

Fudderméttelimport. Wa mir gären een anere Modell vu Landwirtschaft hätten, da muss d'Regierung - awer och d'Gesellschaft - sech hei konsequent sinn!

*Dir Dammen an Dir Hären,*

Erlaabt mir nach e lescht aktuell Thema unzeschwätzen: Mat der öffentlecher Annonce vun zwee grouse Betriber ass d'Diskussioun ronderëm de Strukturwandel an der Landwirtschaft erëm ganz aktuell. Mir hunn äis am Comité mam Strukturwandel beschäftegt: En ass net opzehalen, well d'Technik de Baueren d'Méiglechkeete gëtt, ëmmer méi produktiv ze ginn. An awer si mir der Meenung, datt mir déi Zuel vu Betriber, déi mir aktuell nach hunn, esou héich ewéi méiglech ze halen. Nach hu mir Bauerenhäff a villen Dierfer. Dat kënnt äis enorm zegutt an der Öffentlechkeetsaarbecht. Wa bis eemol kee Bauer méi do ass, da muss mir deier Suen investéieren, fir d'Leit opzeglären an d'Problemer bei weidere Betribsentwécklung si virprogramméiert. Dësweidere sinn d'Bauere wichteg fir eist Duerfliewen. Wat wieren d'Veräiner, d'Gemengeréit an och eis Landjugend ouni d'Baueren?

Aus dësem Grond muss mir eng méi differenziert Agrar- an Ëmweltpolitik no der Gréisst vun de Betriber maachen. Am Biogassektor gesi mir jo, datt gestaffelt Einspeisetariffer no Produktionsgréisst eng Vilfalt un Ulagen erméiglecht hunn. Mir begrëssen an deem Sënn dann och, datt am neien Agrargesetz gestaffelt Plafonge bei den Investitiounen ugewannt ginn! Wëll ee méi investéieren, da kann en dat ouni Subventioun maachen. Dee Moment huet de Betriber duerch seng Gréisst jo och gewëssen ökonomesch Virdeeler. Dat geet awer nach net duer: Och bei den Oplagen mir wäerten an der Stellungnahm nach drop zrëckkommen - müssen Efforte gemaach ginn, dat am Sënn vum mëttelgrousse Familljebetrib.

### Kuerze Réckbléck op ee grousse Highlight ...

Ech komme den Owend awer och net derlaanscht, fir e kuerze Réckbléck op eis Aktivitéiten am Juli vun dësem Joer ze maachen. Zesumme mam Service Jeunesse vun der Centrale Paysanne hu mir e Seminar vun europäischer Jongbaueren (CEJA) am Kader vun der Lëtzebuergescher EU-Présidence organiséiert. Fir mech perséinlech war dës Konferenz en absoluten Highlight vun den Aktivitéite vun de Jongbaueren an deene leschte Joren! Mir haten e ganz usprochsvolle Programm mat villen Héichpunkten: eng Audiéiz beim Grand-Duc, eng grous international Konferenz am CAPe, an en Echange mam EU-Kommissar Phil Hogan. Eis Gäscht wäerte Lëtzebuerg a gudder



Erënnerung behalen. Awer och d'Resonanz an de Medie war grous: Et war eng gutt Geleeënheet fir d'Erausfuerderunge vum Secteur ze diskutieren an se dem Grand Public ze presentéieren.

### ... a Merci

- Ech wëll op dëser Plaz eisem Minister mat senger Leit e grouse Merci ausschwätzen, fir déi organisatoresch a finanziell Ënnerstëtzung - speziell vun dësem Evenement - awer och soss iwwert d'Joer fir dee gudden Kontakt.
- Speziell wëll ech och menge Kollegen aus dem Präsidium vun de LJB & JW an och de Memberen aus dem Nationalcomité e grouse Merci soen, fir den Asaz, deen si besonnesch dëst Joer gewisen hunn. Jidderee vun hinnen huet immens vill Zäit investéiert an dozou bäigedroen, datt mir eng gutt Präsenz dobäussen haten.
- Och e Merci un de Grupp Zuucht, dee mëttlerweil mat der Organisatioun vum Internationale Concours op der Foire Agricole beandrockend weist, wéi ee vill Jonker zesummebréngt, fir enger gemeinsamer Passioun nozegoen.
- Ech wëll dann all d'Memberen aus de regionale Gruppen an der ONG net vergiessen, déi dat ganz Joer iwwer eng Hand mat upaken, wann se gebraucht gëtt. Ech hat emol kuerz nogerechent: op der Foire Agricole waren dëst Joer iwwer 100 Memberen u 5 gréisseren Aktivitéite bedeelegt. Dat weist mir, dass d'Landjugend an d'Jongbaueren a Jongwënzer Veräiner sinn, déi gutt funktionéieren! Dofir lech alleguerten - léif Memberen - e grouse Merci!

*Léif Leit,*

Loosst mech dann, fir ofzeschléissen nach e puer weider Mercien ausschwätzen, fir déi respektiv moralesch a finanziell Ënnerstëtzen, déi eiser Organisatioun zegutt kommen:

- E grouse Merci geet un de Bistum, fir d'Ënnerstëtzen, déi eis Raim-

lechkeeten an d'Personal am Centre Convict treffen. Mir wëssen dat ze schätzen!

- Un déi Verantwortlech vum Nohaltegkeets- an dem Familljeministär an un hir zoustänneg Verwaltungen;
- Un all déi landwirtschaftlech Organisatiounen mat deene mir zesummeschaffen;
- Un d'Gemeng Ettelbréck an déi gutt Zesummenaarbecht bei der Foire Agricole
- Un de Lycée Technique Agricole a speziell un den Här Direkter Tom Delles, fir d'Raimlechkeeten, déi mir iwwer d'Joer erduerch an och haut nees zur Verfügung gestallt kréien;
- Un eisen Nationalaumônier, den Abbé Romain Richer, deen äis ëmmer gutt zur Säit steet.
- E grouse Merci geet vu menger Säit aus un eise Landwirtschaftsberoder, de Claude Petit, deen eng ganz gutt Aarbecht mécht. Heizou wëll ech kuerz soen, datt et fir eis Landwirtschaft extrem wichteg ass, datt mir de Claude hunn an datt hien e Büro am OekoZenter huet. Mir hunn dacks ganz emotional Diskussiounen am Aarbechtsgrupp mat de Membere vum OekoZenter. Méi ewéi eng Kéier bréngt de Claude sachlech Argumenter zesummen a bremst esou pauschal Aussoen. Dëst kënnt eiser Landwirtschaft immens zegutt!
- Ech wëll dann zum Schluss eise Leit an der Zentral am Centre Convict e grouse Merci soen - de Franz, deen äis ëmmer mat Rot an Dot zur Säit steet, d'Madame Chantal Heuschling-Rischette, déi d'Sekretariatsaarbecht assuréiert an d'Madame Jacqueline Monville, déi fir d'Kooperatiounsprojete vun eiser ONG zoustänneg ass. Och si hunn dëst Joer vill Aarbecht geleescht an d'Realisatioun vun eisen Aktivitéite méiglech gemaach.

Ech soen lech hei am Sall elo alleguerte Merci a wënschen äis en interessanten Owend!

Jongbaueren- a Jongwënzerdag 2015

# Méi regional agéieren a regléieren

*Agrarpolitesch Stellungnahm vum de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer virgedroe vum Fränz Schlechter, Vizepresident*



*Op en Neits haten sech niewent den Autoritéiten eng ganz Rei Akteuren aus der Landwirtschaft a Frënn vun eiser Associatioun am Festsall vum LTA fir deen traditionelle Jongbaueren- a Jongwënzerdag afonnt*

*Léif Éieregäscht,*

*Léif Frënn an Sympathisante vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer,*

Fudder hu mir dëst Joer och erëm genuch, zwar net fir eist Véi, mee fir eis alljärelech Stellungnahm!

## Agrargesetz

Mir diskutéieren elo schon 3 Joer iwwert de PDR an d'Agrargesetz. Mir hoffen, datt mir elo esou séier ewéi méiglech, dëst Gesetz kréien. Fir all d'Betriber wär et néideg, wann d'Landschaftspflege-Prime nach dëst Joer kéint bezuelt ginn. E schnell Agrargesetz ass och wichteg, fir datt Planungssécherheet an der Landwirtschaft besteet. Eng ganz Parti Betriber hu Projete geplangt a waarden elo fir mat Bauen unzefänken, well se net sécher op finanziell Ënnerstëtzung aus dem Agrargesetz kënnen zielen. Dësweidere si schon eng Parti Projeten am Bau, wou d'Suen dréngend gebraucht ginn, fir d'Rentabilitéit ze assuréieren. Léif Responsabel vun dësem Gesetz, weist äis dass d'Planungssécherheet an der Landwirtschaft net nëmmen an de Sonnesriede benotzt gëtt, mee gitt äis déi Planungssécherheet esou séier ewéi méiglech!

Mir hate virun zwou Wochen eng Entrevue mam Minister a senge Beamten, a mir hoffen datt hien eise weidere Fuerderungen elo Rechnung dréit. Hei 3 vun deene Fuerderungen:

1. Op der Lëscht vun de Maschinnen, déi subventionéierfäheg sinn, sinn d'Häckler

an d'Mädescher drop, an dat bei engem Plafong vun 100.000€ pro Betrib. Dat ass jo schon zimlech komesch. Säit Joere gëtt um Buchstellentag gesot, d'Betriber géifen zevill Geld a Maschinnen investéieren, an da gi grad déi zwou deierste Maschinnen, déi een sech ka kafen, nach mat op déi Lëscht geholl.

Hei wär et méi sënnvoll, déi Maschinnen dropzesetzen, déi all duerchschnëttleche Betrib brauch, wéi z.B. Grénglandmaschinnen oder Hoftrakteren. Dee Moment géing eist Agrargesetz, d'Landwirtschaft och am Breden ënnerstëtzen, well mir si jo schliisslech e Gréngland- a Véistanduert; oder gehéiert zu der Visioun vun eisem Ministär, datt mir all e Mädescher kafen an d'Gréngland elo opplouen? Wa jo, da setzt de Plou och op d'Lëscht w.e.g.!

2. Dat lescht Joer hu mir dann op dëser Plaz drop higewisen, datt eis Produktiounskäschten duerch Ëmweltoploen extrem an d'Luucht gedriwwen ginn. Dës Investissemter, wéi beispillsweis d'Dichtegkeetsmesure bei Zetären oder d'Verkleedung vum Stall mat Holz, waren an deem viregten Agrargesetz als *Investissements non productifs* klasséiert a goufen zu 75% subventionéiert. Am aktuelle Gesetz ass dëst net méi de Fall, mee déi Investissemter solle just nach mat deem normalen Taux vu 40% subventionéiert ginn. Laut eisem Ministär

kréien hei déi Bréisseler d'Schold, well no hirer Definitioun wäeren d'Investissemter, déi duerch Oploen ervirgeruff ginn, keng „Investissements non productifs“.

*Klammer op, wat déi Bréisseler betrëfft:* Interessant ass, datt d'Lëtzebuenger soen, déi Bréisseler si schold, a wann dann awer den Här Hogan op Lëtzebuerg kënnt – wat dëst Joer zweemol de Fall war – dann erkläert hien äis bei all Punkt: Dat do ass eng national Problematik. Fro: Wat ass et dann elo?

*Zréck zu den Oploen:* Dës Oploe bréngen awer ëmmer e Plus u Käscht mat sech, ouni datt se d'Produktioun steigere, wat dozou féiert, datt d'Rentabilitéit vun eise Projeten a Fro gestallt ass. Mir mussen entweder de Projete fale loossen oder eis Produktioun nach méi grouss plangen, fir dës Plus u Käscht ze decken. Dëst bréngt besonnesch fir déi méi kleng Projeten ee risige finanziellen Opwand mat sech a fördert eigentlech nëmmen de Strukturwandel an der Landwirtschaft, dee mir op der anerer Säit awer méiglechst vermeide wëllen.

Mir fuerderen, datt esou séier ewéi méiglech eng national Léisung decidéiert gëtt; dëst am Sënn vun der Ëmweltpolitik a virun allem fir eis Familljebetriber net weider ze belasteschen. Mir gesi verschidde Méiglechkeeten:

- Eng national Bähëllef vun 100% vun de Méikäschten, déi iwwert dës

Oploen ervirgeruff ginn; selbstverständlech mat engem absolute Plafong pro Betrieb. Mir wëllen hei betounen, datt dës Oploen net aus dem Landwirtschaftsministär kommen an se dofir och net aus dem Budget vum Agrargesetz musse kommen. Hei wär et um Ëmweltministär, Sue bereet ze stellen, fir dat dës Mesurë gedroe ginn. Strikt nom Motto: Wien d'Musek bestellt, dee kann se och bezuelen!

- Ass dëst net méiglech, fuerdere mir, datt dës Ëmweltoploen eréischt ab enger gewässer Gréisst vum Projet, progressiv a Kraaft frieden. Projeten, wéi z.B. Ställ bis 100 Kéi bräichte keng speziell Mesurë fir d'Integration paysagère ze huelen. Deier Leckerkennungssystemer géingen eréischt op Siten iwwert 200 GVE obligatoresch ginn, respektiv an de Waasserschutzgebidder. Mir wësse jo ganz genau, dass eis Zetären dicht sinn, och ouni dës iwwerflësseg

Mesuren. Domat géif eis familiär Landwirtschaft ënnerstëtzt ginn!

- Op alle Käschten, déi duerch Ëmweltoploen ervirgeruff ginn, fuerdere mir, bei der TVA den Taux super réduit vun 3% ze applizéieren. Dëst natierlech och mat engem Plafong pro Betrieb. Dat wär eng reng national Mesure a kann direkt ëmgemat ginn!
- 3. Déi drëtt Fuerderung betrëfft d'Berechnung vum Investitiionsplafong, deen op Basis vun den theoretischen Aarbechtskräften um Betrieb gerechent gëtt:
  - De Moment vun der Bestëmmung vum Plafong soll net beim Projetsantrag stattfannen, mee fréistens 3 Joer nodeems de Projet realiséiert gouf. De jonke Bauer plangt jo e Projet mat engem wäitsiichtegen Zil. Zum Beispill soll säi Betrieb an der Mëllechproduktioun ëm 25% an deenen nächste Joere wuessen. Da soll de Plafong och eréischt no dësem Schratt bestëmmt

ginn; an eventuell Bähillefen nobezuelte ginn. Ass dat net de Fall, warne mir ausdrécklech virdrun, datt d'Ställ elo iwwerbeluecht ginn an deiert Land bäigepacht gëtt – nëmme fir en héije Plafong virun der Investitioun ze erreechen.

- Dësweidere fuerdere mir an der Berechnung vun den Aarbechtskräfte méi differenziert virzegoen. Äis feelen an der Tabell an der Annexe 7 vum Gesetz besonnesch den Aarbechtsopwand an der Biogasproduktioun: d'Bedreiwe vun 1KW elektrescher installéierter Leeschtung ass awer eiser Erfahrung no gläichzesezt mat dem Aarbechtsopwand fir e Rand. Doniewent gëtt an dëser Tabell keng Differenzierung gemaach vun der biologescher Landwirtschaft: Hei wësse mir jo awer, datt den Aarbechtsopwand méi grouss ass, well net op verschidde Betriebsmittel zréckgegraff ka ginn.

*Fortsetzung am nächsten Duerf*

Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.

## Ënnerstëtzung vun eiser Kooperatiionsaarbecht an Afrika



Freideg, den 18. Dezember 2015 hunn déi Verantwortlech aus dem Lycée Technique Agricole (LTA) vun Ettelbréck am Kader vun enger Reunion vun der „Cellule de Développement Scolaire“ op eng Scheckiwwerrechung zugonschte vun der Kooperatiionszesummenaarbecht an

Afrika vun eiser ONG invitéiert. Bei där Geleeënheet konnt en Deel vum Erléis vum Fréijoersmaart – deen 2015 eng éischte Kéier während der järecher Porte ouverte vum LTA organiséiert gouf – un d'Verrieder vum Service Coopération vun de „Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer“ iwwerreicht ginn.

De Fréijoersmaart gouf vun de Schüler vun der 13<sup>e</sup> Agricole – an Zesummenaarbecht mat de Professeren an der ganzer Schoulgemeinschaft – organiséiert. D'Initiativ fir d'Porte ouverte mat engem Fréijoersmaart ze verbannen ass am Laf vum Schouljoer vun der Journée pédagogique ausgangen. Eng Rei vu Produzente mat regionale Produkter haten sech och spontan bereet erkläert fir matzemaachen.

Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG soe mir den Initiatoren an der ganzer implizierter Schoulgemeinschaft e ganz grouse Merci fir dëse schéine Gest zugonschte vun der männerbemëttelter Bevëlkerung am Kamerun. Déi gespenen Zomm (1.500 €) fléisst integral an d'Aktioun „Neit Equipement fir d'Maternité vu Soa am Kamerun“.

## Weider Ënnerstëtzungen

Bei Geleeënheet vu sengem 60. Gebuertsdag huet den **Här Arthur Arendt** vum Lellerhaff der ONG e generéisen Don fir d'Kooperatiionsaarbecht am Interessi vum Bauerestand am Burkina Faso zoukomme gelooss. Nodréiglech wënsche mir dem Här Arendt all Guddes fir dee ronne Gebuertsdag.

duerch en Don zum Ausdrock bruecht. Mir wënschen der engagierter a sympathescher Koppel nach vill schéin a frou Joren am Krees vun hirer Famill.

Och d'**Madame Marie-Antoinette Scheidweiler-Recken** an den **Här Marcel Scheidweiler** vu Weller/Pëtschent hunn am Kader vun hirer Gëllen Hochzäit hir Solidaritéit mat der ländlecher Bevëlkerung am Burkina Faso

Der Famill vum verstuerwenen **Här Jos Schleich** vu Lannen dréckt de Verwaltungsrot vun der ONG säi chrëschtlecht Bäileed aus. Si huet an hirer déiwer Trauer en Zeeche vun Hoffnung fir männerbemëttelt Bauerfamilljen an Afrika gesat.

**All den Donateuren, déi d'Kooperatiionsaarbecht vun der ONG bei dëse verschidde Geleeënheeten ënnerstëtzt hunn, soe mir am Numm vun de Beneficiairen an Afrika e ganz ganz grouse Merci!**

(Fortsetzung von der Säit 1)

Kultur zesummegehal, mä duerch eng gemeinsam Erzielung, duerch d'Geschicht vu Gott mat de Mënschen. Eng positiv Äntwert déi mer kréien, dat ass dat Bekenntnis vun der Daf, vum Antréit an dës reliéis Zeechewelt. **De Glawen huet eppes mat engem Du zu Gott ze dinn, dat duerch d'Virbild vu Jesus gepréigt ass.** A well et eng Relioun vum Glawen ass, konnt d'Chrëschtentum och zur Weltrelioun ginn, well **se steet alle Mënschen op**, alle Sproochen, alle Kulturen. Dat war schonn esou an deem alen Zeugnis vum Paulus, wann en Galaterbréif schreift: „*Da gilt nicht Jude oder Grieche, Sklave oder Freier, Mann oder Frau, alle seid ihr Einer in Christus*“. Et gëtt déiselwecht Daf fir all Mënsch, wouhir en och kënnt, onofhängeg vu Geschlecht, Beruff, Stand oder emanzipatorescher Kraaft.

**Déi grandios Theologie vun der Daf huet eng Schietsäit: de Glawen ass fragil, zerbruechlech, gefährdet.** Et muss een en ëmmer erëm verteidege vis-à-vis vum Onglawen, vum Irglawen. D'Gleeweg sinn veronsëchert, well se hunn nëmmen de Glawen, deen se verbënnt, an d'Ausgrenzung vun anescht Denkenden ass dann munn-echmol onausweiglech. Déi reliéis Besserwësserei ass eigentlech och

eng lerkkrankheet vum Chrëschtentum, a si verlaangt no enger Therapie. Déi Therapie geet domat un, datt een agesäit, wou ee falsch lait.

Mir müssen also eist Verhältnis zum modernen Denken klären, an d'Modernitéit muss hiert Verhältnis zur Relioun klären. Dir erënnert iech alleguer un Charlie Hebdo, deen huet missen verteidegt ginn am Numm vun der Pressefräiheet. Awer d'Relioun, also dat, wat verschidde Mënschen am déiftsten Häerz helleg ass, net ze karikaturéieren; se sollen charakteriséieren, informéieren, interesséieren an dat fair a kritesch.

**„Ech si Chrëscht a stinn dozou!“** wann een dëst Bekenntnis deelt, da weess een, datt all Eucharistiefeyer ufänkt mat dem Bekenntnis vun der eegener Schold. Wie sech also mat der Bibel an hirer Geschicht beschäftegt, déi an der Kierch als Wuert vum Herrgott verkënnegt gëtt, dee kann duerch Héieren, Lauschteren, Liesen, léiere wat dat heescht. D'Scholdbekenntnis ass e Corollaire zum Glawensbekenntnis oder besser gesot et ass de Revers vun der Medaille. Wann ech gleewen, da kënnt als eng Zort Konsequenz och e Gefill fir d'Schold. „Ech si Chrëscht a stinn dozou!“ a well ech Christ sinn, weess ech, datt ech an enger Welt liewen,

déi kee Gottesstaat ass, awer och keng Welt ouni Gott wëllt sinn.

D'Relioun, d'Bekenntnis, aus dem öffentleche Gespréich, aus der Schoul, aus der Universitéit ze verbannen ass d'Ausgebuert vun engem Laizismus, dee scho laang zur Ideologie ginn ass. D'Relioun net der öffentlecher Kritik, net de Froe vun de Schülerinnen a Schüler, de Studentinnen a Studenten ze stellen, dat ass Fundamentalismus dee längst seng Glawenskraaft verluer huet.

Un eis alleguer ass et dofir anzestoen, datt de Glawe verteidegt gëtt duerch dat wat mer soen, duerch dat wat mer maachen, duerch eist Liewen.

### Sief Chrëscht, bekenn dech derzou a stéi derzou!

Méi wéi je gëtt dat gefuerdert, grad an eiser Zäit wou d'Kierch sou staark am Émbroch ass; och d'Kierch hei zu Lëtzebuerg erliewt eng Verännerung, grad wéi eise Glawen iwwehall an eise Veräiner, also och an der KMA.

Grad op dëser Plaz ass et ubruecht, de Willibrord als eist Viirbild matt an onsen Alldag eranzehuelen, an him iwwe déi honnerte vu Joren eraus onsen Merci auszedrecken fir dat wat säi Wierken bis haut nach u Konsequenzen fir ons huet.

**Fernand Huberty**

### Gebet zu Neujahr

Herr, setze dem Überfluss Grenzen,  
und lasse die Grenzen überflüssig werden.  
Lasse die Leute kein falsches Geld machen  
aber auch das Geld keine falschen Leute.  
Nimm den Ehefrauen das letzte Wort und  
erinnere die Ehemänner an ihr erstes.  
Schenke unseren Freunden mehr Wahrheit  
und der Wahrheit mehr Freunde.  
Bessere solche Beamten, Geschäfts-  
und Arbeitsleute, die wohl tätig,  
aber nicht wohlütig sind.  
(Gib den Regierenden ein besseres Deutsch  
und den Deutschen eine bessere Regie-  
rung.)  
Herr, Sorge dafür, dass wir alle in den  
Himmel kommen, aber nicht sofort.

**Gebet des Pfarrers von St. Lamberti**

### Noch immer auf der Flucht

Auf einem Esel gesessen  
sind sie gegangen,  
der Gewalt entfliehend.  
In einem kleinen Boot  
sind sie je zurückgekehrt.  
Das Kind gerettet um für uns  
Menschensohn zu werden.  
  
In einem kleinen Boot sind  
sie gekommen, auf der Flucht.  
Mare Nostrum, Frontex:  
Hilfe für Mittelmeerflüchtlinge,  
Verteidigung der Festung Europa?  
Wandernd durch Europa gehen sie,  
noch immer auf der Flucht ...  
Gerettet oder nicht,  
von wem, von uns,  
um hier wieder, ein wenig,  
Mensch zu werden?

### Impressum

#### Herausgabe:

ACML  
5, avenue Marie-Thérèse  
L-2132 LUXEMBOURG

#### Verantwortung:

#### Aktioun:

Fernand Huberty 44743-251  
Jean-Paul Schneider 44743-251

#### Duerf:

Romain Richer 44 743-562  
Franz Glodt 44 743-252

#### Druck:

Saint-Paul Luxembourg

#### Erscheinungsdatum:

zehn mal jährlich